**Commentaire Budget 2023/24 Anne HUBERTY**

**Conseil communal du 11.12.2023**

Här Buergermeeschter,

Madamm, Dir Hären aus dem Schäfferot,

Léif KolleegInnen aus dem Gemengerot,

Léif NolauschterInnen,

Wéi schonn déi Jore virdrun, esou well ech och dëst Joer dem Schäfferot fir d'éischt zu engem detailléierten an transparente Budget felicitéieren an all deenen, déi um Ausschaffe vun dësem Dokument bedeelegt waren e grousse Merci soen.

Merci och dem Rapporteur Georges Beck fir seng ausféierlech d'Präsentatioun iwwert eis Gemengefinanzen.

Wéi mir héieren hunn, ass de Budget dëst Joer mat 8 Milliounen an den Equiliber gesat ginn, am Verglach zum leschte Joer wou e mat 11 Milliounen Euro equilibréiert ginn ass an och dës Kéier muss keen Emprunt gezu ginn. De leschte Kredit kann Enn dës Joers rembourséiert ginn, esou dat d'Gemeng deemnächst wäert scholdefräi sinn. Besser kann eng Gemeng finanziell, mengen ech, net do stoen.

Als Enseignante a Presidentin vun der Sozialkommissioun a vum Vivre ensemble interculturel hunn ech mir de Budget natierlech vun deem Point de vue ugekuckt a festgestallt dat op edukativem, sozialem an interkulturellem Plang an deene leschte Joren immens vill geschitt ass. Meng Analyse vum Budget bestätegt dat an dëse Beräicher vill investéiert gouf an dat freet mech immens.

Normalerweis halen ech keng grouss Rieden, mee eemol am Joer sief et mir awer vergonnt op déi Panoplie vu Projet'en hinzeweisen déi um soziale Plang an der Gemeng Hesper lafen. Dofir hunn ech e puer Zuelen a Projeten erausgepickt fir iech ze weise wei mir de Vivre ensemble an eiser Gemeng uginn.

**MR/Schoul/Educatioun**

D'Populatioun an der Gemeng Hesper wiisst rasant, mëttlerweil wunnen offiziell 16758 Leit an eiser Gemeng. Dat bréngt mat sech dat och ëmmer méi Kanner an d'Schoul ginn. 1263 Kanner si bei eis an de Grondschoulen ageschriwwen, Tendenz steigend. Eis Strukture vergréisseren sech permanent a ginn ausgebaut. D'Gemeng versicht am Sënn vun de Kanner och Synergien ze schafen andeems si beispillsweis Wäert dorop leed d'MR mat de Schoulen ze vernetzen. Obwuel am edukative Beräich momentan d'Personalfluktuatioun immens héisch an de permanente Personalwiessel d'Equippen oft viru grouss Erausfuerderunge stellt, ginn sech déi concernéiert Leit vill Méi flott Aktivitéiten ze organiséiere fir de Besoine vun de Kanner

gerecht ze ginn. Et gëtt immens vill Wäert op d'Vernetzung geluecht a versicht mat aneren schonn existente Strukturen aus der Gemeng flott Aktivitéiten auszeschaffen an esou och interkulturell an intergenerationell ënnerwee ze sinn. Esou bastelen d'Kanner beispillsweis reegelméisseg mat eise Senioren am Clubhaus, spillen am CIPA mat der eelerer Generatioun Bingo, besiche reegelméisseg d'Jugendhaus oder huelen u Sportsaktivitéiten an Zesummenaarbecht mam Hesper beweegt sech deel. Dëst Joer huet d'Clubhaus och zesummen mat de MR'en flott Dekoratiounen fir eis Chrëschtbeemercher am Park gebastelt.

Vun eise Structures d'accueil (Crèches a Foyer'en) profitéiere momentan 1139 Kanner, dofir ass et wichteg a nei Schoulen a Maison Relais'en ze investéiere fir dem Besoin u Kanner gerecht ze ginn. Dofir war ech frou am Budget vun den dépenses extraordinaires ze liesen, dat nieft den 8,3 Milliounen déi schonn dëst Joer fir eis Schoulen ausgi sinn, 2024 weider 7,5 Mio Euro an eis Schoule fléisse sollen an d'MR sech iwwert e Budget vun 300 000 Euro fir 2024 freeën dierfen.

**Senioren**

Wann d'Gemeng vill an d'Kanner investéiert, esou vergësst si och net déi eeler Léit. Mam Clubhaus **Am Säitert** am Centre Thoma huet d'Gemeng eng wichteg Plaz geschaaft fir jiddereen, virun allem awer fir eis Seniore mat individueller Berodung a flotten Aktivitéite mam But der Isolatioun entgéintzewierken.

Waren am November 2022 +/- 200 Léit ageschriwwen, esou huet sech dës Zuel bannent engem Joer méi wei verduebelt an d'Clubhaus zielt mëttlerweil 432 aktiv Memberen, dovun 78% Fraen an 22% Männer. D'Aktivitéiten déi d'Clubhaus ubitt si villfälteg a viséieren en interkulturellen an intergenerationelle Public. Vun Aktivitéiten déi eemol d'Woch stattfanne bis hin zu gréissere flotten Ausflich an d'Ausland ass alles vertrueden.

Och de Projet vun der **Maison de retraite et de soins** déi um Houwald nieft dem CIPA gebaut gëtt, geet virun. Ufank 2025 sollen hei d'Aarbechten ufänken.

**Abordabele Wunnengsbau**

Wei keng aner Gemeng setzt eise Buergermeeschter a seng Equipe sech fir de soziale Wunnengsbau an. D'sozial Wunnengen an der **Residenz Alloro** sinn all verlount an och eis **6 Haiser um Holleschbierg** sinn all verkaaft a bewunnt.

Am Kader vum Bau vum Parkhaus op der Place Jomé ginn nei Raimlechkeete fir d'Spuerkees a fir d'Post am Zentrum ëmgesat fir déi am Budget fir 2024 nach eemol eng hallef Millioun geplangt sinn, zousätzlech sinn an dësem Projet weider **18 Appartementer** geplangt déi an de soziale Wunnengsbau falen.

Am Budget 2023/24 sinn am ganzen 11 Milliounen Euro virgesi fir d'Acquisitioune vun Terrain'en – e Montant dee fir sech schwätzt. Bleift ze hoffen dat de Staat och an Zukunft déi

Subsiden un d'Gemenge beim Opkaf vun Terrain'en (50%) a beim Bau vu Wunnengen (75%) bezilt déi e versprécht.

**Projet'en am integrativen a soziale Beräich**

De „Vivre ensemble" gëtt an eiser Gemeng grouss geschriwwen. Fir de Bierger eng gutt Kommunikatioun an e besseren Zougang zu Informatiounen ze garantéieren an d'Participatioun u flotte Projet'en ze fërderen hu mir als Gemeng schonn 2022 de **Pakt vum Zesummeliewen** ënnerschriwwen.

An dësem Kontext hu mir dann och den 19. Mäerz dëst Joer eng **„journée locale d'inscription aux listes électorales"** organiséiert fir och d'Net-Lëtzebuerger an déi Jonk ze motivéieren hier Stëmm ofzeginn a wielen ze goen. Ech denken, dat esou Effort'en nach ëmmer wichteg sinn an d'Resultat gëtt eis Recht. Kontinuéierlech ass a leschter Zäit den Taux d'Inscriptioun fir d'Gemengewalen zu Hesper an d'Luucht gaangen. Louchë mir 1999 bei 12% ageschriwwene Wieler, esou waren et dëst Joer scho 24% mat 1651 ageschriwwene Léit.

Am Kader vum Pakt vum Zesummeliewen hu mir och de sougenannten **„Biergerpool"** an d'Liewe geruff. Dëst ass eng Newsletter op déi een sech kann abonéieren an déi de Léit nach méi Informatiounen iwwert d'Zesummeliewen an der Gemeng ubitt.

Als Presidentin vun der Sozialkommissioun ass et mir besonnesch wichteg **Plazen, lieux de rencontren** ze kre'eren

wou d'Léit sech begéinen a sech austausche kënnen. Dëst ass en Haaptuleies an ech denken dat mir an de leschte Joren eng ganz Partie vun esou Plaze schafen an domadder d'Kommunikatioun ënnert de Léit färderen konnten.

Esou dréit d'Gemeng beispillsweis der Demande vum Syndicat d'Initiative um **Houwald** no esou enger **place de rencontre** Rechnung a gesäit am Budget fir 2024 75000 Euro vir fir esou eng Plaz ronderëm d'Kierch vum Houwald ze schafen.

Eise **Sproochecafé Babel** deen all 4. Dënschden am Mount stattfënnt ass en anert Beispill. Ouni Umeldung kënnen d'Léit dohin kommen a bei engem Pättchen an engem gudde Maufel Friemsprooche praktizéieren a sech austauschen. Dëst Joer hu mir mat ronn 60 Léit schonn eise 5. Gebuertsdag konnte feieren.

Och op eise Film-Konferenzen **Exploration du monde** begéinen sech vill Léit. Dës Filmowenter hunn och dëst Joer e grousse Succès kannt.

Den 18. Juni hu mir eis **Fête de l'amitié** am Park gefeiert mat engem flotte musikaleschen Encadrement, Chorallen a Museken an Atelier'en fir Grouss a Kleng. Iwwer 40 Atelier'en an Exposant'en ware sur place. Mir haten e flotten Austausch mat alle Generatiounen a ville Nationalitéiten.

Geplangt ass fir 2024 och nees e **„Welcome Day"** fir deene Résident'en déi an deene leschten 2 Joer an d'Gemeng Hesper geplënnert sinn en Abléck an de Fonctionnement vun der

Gemeng an hier Aktivitéiten ze ginn; och dat ass en Happening deen d'Léit zesummebréngt an den Austausch férdert.

Eng weider Austauschplattform ass eise **„Ronnen Dësch“,** wou mir am Kader vum „Vivre ensemble“ an an Zesummenaarbecht mam CEFIS dëst Joer 24 vun eise soziale Partner un een Dësch kritt hunn, mam But sech kennenzeléieren a vläicht verschidde Projet'en ze lancéieren déi soss net zustane komme wieren. Dës flott Austauschplattform wëlle mir och an d'Zukunft um Liewen halen an eis Treffen all Joer ënnert en anere Motto stellen.

E **Groupe de travail** bestoend aus Membere vum GERO, CNAPA, dem Direkter vum CIPA a Léit vun der Gemeng trëfft sech reegelméisseg fir iwwer aktuell Probleemer am Beräich vun der **santé mentale** ze diskutéieren an hei virun allem de Besoins'en vun den eelere Leit gerecht ze ginn. D'semaine de la santé mentale am Oktober 2024 ass hei nëmmen e wichtegen RV deen et net gëllt ze verpassen.

Eis **sozial Noperschaftsapp**, de sougenannten *hoplr* gëtt vun de Léit immens vill genotzt an ass vun Ufank unn op eng grouss Resonanz gestouss. Dës App fonctionéiert mëttlerweil als Informatiounsmedium genee esou gutt wéi als Plaz wou een no Hëllef froen, awer och seng Ënnerstëtzung ubidde kann. Soumadder erfëllt d'App hiert d'primäert Zil: D'Léit aus der Gemeng méi no beieneen ze bréngen a nach méi mateneen ze vernetzen. Biswell si bal 2000 Léit aus der Gemeng um hoplr aktiv, dat si ronn 31 % vun alle Menagen aus de 5 Quartier'en.

*Am Gespréich ass och eng eege Gemengenapp. Dofir vläicht d'Fro un eise Buergermeeschter ob a wéini esou eng Gemengenapp kéint an de Gebrauch geholl ginn?*

D'Léit zesummenzebréngen ass och d'Zil vun eisem **Nopeschfest,** dat de 26. Mee stattfonnt huet. Och dës Offer gëtt vun de Léit gutt ugeholl a genotzt fir Frëndschaften ze verdéiwen oder nei Léit kennenzeléieren.

All Joer fënnt eis **Fréijoersbotz** statt, och dëst ass e lieu de rencontre fir vill Léit déi sech zesummen niewebäi och nach fir d'Natur an Ëmwelt asëtzen.

Dëst Joer hu mir och de **„jardin communautaire" „Kiemert"** zu Izeg konnten aweien, eng weider Plaz wou vill Nationalitéiten, jonk an al Frënd vum Gaart sech treffen a Frëndschafte geschloss ginn.

Nach eng Plaz déi virun allem Jonker zesummebréngt ass eise **Jugendtreff**, d'Jongen an d'Meedercher scheie keng Aarbecht a sinn ëmmer do fir sozial Projet'en ze ënnerstëtzen. Am Duerchschnëtt hunn si am Dag tëscht 13 an 20 Presenzen am Haus, e Chiffer dee beweist dat déi Jonk d'Offer vun enger Plaz fir sech mat Gläichaltregen ze treffe gären unhuelen.

Am Summer managen si eise **Beach Club,** wat eng flott Adress ass fir sech mat Kolleegen ze treffe grad esou wei den **Hesper Park**, dee vu Grouss a Kleng an och vun eise véierbeenege Frënn gär genotzt gëtt fir en Tour trëppelen ze goen. Virun allem

déi Kleng kënnen sech op enger vun eise mëttlerweil 41 (!) **Spillplazen**, fir déi am Budget 2024 280 000 Euro virgesi sinn, austoben.

U Jonke feelt et och net, wann et beispillsweis heescht **d'Vakanzaktivitéiten** am Summer ze organiséieren. 46 Monitricen a Moniteuren hunn dëst Joer 573 Schoulkanner encadréiert. 106 Jugendlecher hunn am Ganzen op der Gemeng geschafft fir sech en Täschegeld ze verdéngen a wäertvoll Erfarungen ze sammelen.

Den **Hesport** huet dëst Joer 400 Inscriptioune gehat, e Chiffer deen sech quasi tripléiert huet. 13 Sportscours'en ginn an der Woch ugebueden, do drënner esouguer e Salsacours.

Am Kader vum **„Hesper beweegt sech"** waren insgesamt 938 (deemno bal 1000) Kanner dëst Joer ageschriwwen, déi reegelméisseg un deem engen oder anere vun deenen 78 verschiddenen Cours'en déi an der Woch ugebuede ginn, deelhuelen.

Jonker eng Zukunft bidden ass eng Prioritéit vun der Gemeng Hesper, dofir sinn Institutioune wéi **d'Betreit Wunne** wichteg.

D'Demandë vu Jonken déi op der Sich no enger Bleif sinn, ginn ëmmer weider an d'Luucht. Am Moment stinn deene Jonken am Betreit Wunnen 1, 6 Plazen zur Verfügung, am zweeten Haus sinn et 7 Zëmmer. Vu September 2022 bis September 2023 sinn eleng 104 Demanden erakomm, dovun 48 vu Fraen a 56 vu

Männer. Dës héisch Demande weist dat vill Jonker Schwieregkeeten hunn sech an dëser schnelllieweger Zäit zurechtzefannen a versichen aus hiren oft erdréckenden Familljeverhältnisser ze flüchten. 412 jonk Léit sinn iwwert d'Joer an engem suivi personnel.

Opgrond vun dësen héijen Zuele war ech frou wéi ech am Budget vun den dépenses extraordinaires gelies hunn, dat fir d'Joer 2024 450 000 Euro virgesi si fir an e **neit Betreit Wunnen 3** an der Rothweit a Coopératioun mam Ministère de l'Education Nationale a mam Ministère du Logement ze investéieren.

Parallel zum Betreite Wunne bitt de Ministère an enker Zesummenaarbecht mat der Gemeng awer och nach 2 weider **Structures d'hébergement** un: Op 299 an der Thionviller Strooss sinn am Moment 81 Persounen a Nout, dorënner 19 Familljen ënnerkomm, an der zweeter Struktur wunnen zur Zäit 16 Léit, dorënner 6 Familljen, am Ganzen huet d'Gemeng deemno heimadder Opfaangstrukture fir bal 100 Leit a 25 Familljen geschaaft, d'Nationalitéite gi queesch duerch de Gaart.

De Besoin ass grouss an et freet mech dat d'Ouverture vun enger drëtter a neier Adress fir Abrëll d'nächst Joer geplangt ass. Hei ginn nach eemol Capacitéite fir eng ronn 50 Leit a Famillje geschaaft.

Nieft Flüchtlingen a Familljien déi an der haiteger Zäit Probleemer hu finanziell iwwer d'Ronnen ze kommen, sinn awer

virun allem jonk Leit betraff, déi an dëse schwéieren Zäiten ëmmer méi oft Probleemer hunn sech erëmzefannen. Nieft alldeegleche Probleemer mat deenen si ze kämpfen hunn, ass och d'Schoul oft e grousse Problem. Wann ee bedenkt, dat 30% vun de Schoulofbriecher mol net richteg vun engem System erfaasst ginn, da mécht engem dat Angscht.

Dofir ass an dësem Kontext de Projet **Youth and work** immens wichteg, e Projet dee Jonke soll hëllefen sech berufflech nei ze orientéieren. Hei gi si bei der Sich no enger Ausbildungsplaz oder engem Job ënnerstëtzt, gecoached a beroden. Vu Januar bis Oktober 2023 hunn sech 9 Jugendlecher am Alter tëscht 16 an 29 Joer, déi keng Aarbecht fonnt hunn, bei Youth and Work gemellt. Duerch de Gemengebuet, den Hoplr, den Job Daag, den Office Social oder Kolleegen si si op dës Organisatioun opmierksam ginn. A wa mir och nëmmen 1 Jugendlechen erëm an d'Aarbechtsliewen integréiert kréien, esou ass dat all Opwand wäert.

Eng gutt Aarbecht an dësem Beräich leescht och weiderhin de **CIGL**, e Service deen sech un d'Awunner aus der Gemeng Hesper riicht, majoritär un d'Léit 60+. Hier Bedürfnisser stinn am Mëttelpunkt an dës ze befriddegen ass hiert Haaptuleies.

Si bidden z.B. den Noperschaftsdéngscht, d'Hesper Geschierkëscht un. An dësem Service ginn an engem Joer bal 2.500 Ufroen traitéiert an zerwéiert.

Am Beräich vun der Haushaltshëllef sinn et esouguer 837 Ufroen déi opgeschafft goufen.

Am Beräich vun den Aarbechtsmesure léisst sech soen dat den CIGL 29 Demandeurs d'Emploi a Vollzäit beschäftegt; Am Kontext vun der Reinsertioun fanne 44 % vun hire Beschäftegten eng nei professionell Erausfuerderung no hirer Astellung beim CIGL an hunn esou nees eng nei Perspektiv an der Beruffswelt. Den CIGL ass soumat e gutt Beispill fir eng Institutioun déi déi sozial Inclusioun färdert an sech esou aktiv um lokale Plang fir d'Léit asetzt.

E wichtege Projet ass de Service **„Streetwork“**, e Projet deen an Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg, der CARITAS, der Croix-Rouge an Inter-Actions, elo och hei zu Hesper ze fannen ass. Eng Konventioun mat Inter-Actions huet schonn de Grondstee fir dëse Projet geluecht. Ab Januar gëtt aus dem 20 Stonnen a 40 Stonne Posten.

*Dofir meng Fro un de Claude Lamberty: Virun allem mam Entstoe vun der neier Tramsgare um Houwald,  ass et wichteg, mat Léit, déi kaum nach iwwer eege Ressourcë verfügen an oft op der Strooss liewe mussen, ze schwätzen an iwwer d'Kommunikatioun vläicht Léisunge fir Probleemer ze fannen. Geet e 40 Stonne Posten duer oder ass an Zukunft geplangt dëse Poste weider auszebauen? Wei huet de Projet sech bis dato entwéckelt a wat ass geplangt fir de Projet Streetwork no*

*bausse vläicht nach méi visibel ze maachen a weider Opklärungsaarbecht ze leeschten?*

Mat der aktueller Situatioun am Gazasträifen an an Israel ass d'Problematik vun de **Flüchtlingen** esou aktuell wei ni. Wei d'Flüchtlingen am Februar 2022 aus der Ukrain bei ass komm sinn, hu mir kee Moment gezéckt fir hinnen hei en neit Doheem ze ginn. 77 Léit hu mir bis dato nach an eiser Gemeng wunnen, dovun 9 am Haus nieft der Gemeng.

*An dësem Kontext meng Fro un de Marc Lies: Wei geet et mat deene Leit virun a wéi geet d'Gemeng mat engem eventuell neien Flüchtlingsstroum aus dem Noen Osten ëm?*

De Projet **« Affichons l'égalité »** hu mir dëst Joer als Sozialkommissioun ënnert de Motto vun de Kënschtler gestallt. Esou kruten nieft dem Monique Mille (rue Armand Rausch) och d'Romy Weydert (rue du stade) an eng ukrainesch Fra d'Madamm Nadiya Tsaruk (Allée de la Jeunesse Sacrifiée), 3 Wochen am Mäerz eng Strooss an der Gemeng mat hirem Numm.

Och ass geplangt eng Aart **„Poterbänk"** opzeriichten, wou Léit déi Loscht op e Gespréich hunn, kënne Plaz huelen a Gläichgesënnter fanne fir mateneen ze schwätzen a Kontakter ze knëppen. Als Sozialkommissioun hu mir d'Iddi fir dës Poterbänk eventuell an allen Dierfer vun eiser Gemeng opzeriichten a si an iergendenger Form mateneen ze vernetzen.

Vernetzung ass och d'Stéchwuert fir de **Bau vun eisem Lift zu Hesper,** fir deen am Budget 2024 nach eemol 4 Milliounen virgesi sinn an deen d'Place Jomé mat eiser Uewerstad dem Holleschbierg soll schnell an effikass verbannen. Enn 2024 soll de Lift operationell sinn.

E neie Lieu de Rencontre kéint och mam **Haus „Baumert" uewen um Schlass** entstoen. Fir den Amenagement vun dëser Plaz stinn am Budget 2024 350000 Euro. Denkenswäert wier et d'Kreatioun vun enger Ulafplaz déi iwwert d'Geschicht vun der Gemeng Hesper informéiert, mat Buvette an enger super Vue op eisen neie Lift an d'Gemeng Hesper.

De **Kultursummer** mat ville flotten Ophänkerten huet eise Park mat Liewe gefëllt a vill Léit zesummebruecht.

Chrëschtdag an déi besënnlech Zäit kommen ëmmer méi no an dofir hu mir als Kommissioun och dëst Joer erëm net méi spéit wei gëschter en Nomëtten organiséiert, wou d'Kanner konnten am Chalet bei Schocki, Kichelcher an engem **waarmen Uewe spannende Geschichten** nolauschteren.

Och hate mir gëschter schonn déi éischt vun eisen zwou traditionelle **Seniorenfeieren**. Déi zweet ass nächste Sonnden. Dëst Joer hu mir och un déi Leit geduecht déi sech oft net trauen sech eleng unzemellen. Op Nofro hin hu mir deemno e sougenannten „ gesellegen Dësch" organiséiert wou déi Léit déi eleng komme séier Uschloss fannen an encadréiert ginn.

Aus dem Rapport vum **Office Social** geet ervir dat ëmmer méi Léit hier Hëllef an Usproch huelen. Virun allem déi sougenannten „working poor“ an eeler Léit sinn net seelen op d’Hëllef vum Office Social ugewisen.

Schockéierend ass d’Tatsaach dat 90 % vun de Léit déi Hëllef sichen, Probleemer am Beräich vum Logement hunn. Domadder bleift de Logement eist gréisste Suergekand.

Wann ech am Rapport vum Office Social liesen dat 2016 de Besoin u Wunnenge bei 31 louch, esou huet sech d’Demande bis dato quasi verduebelt. 143 Leit ginn zur Zäit esou ënner Daach bruecht an et stinn nach weider 45 Leit op der liste d’attente - dës steigend Demande weist dat de Besoin no sozialem Wunnraum enorm ass, d’Gemeng awer och extrem Effort’en an dësem Beräich mécht mat hire 65 Sozialwunnengen déi si de Leit zur Verfügung stellt.

Ëmmer méi **sozial Strukturen** fannen hire Wee an d’Gemeng Hesper esou z.B. och d**’ALUPSE** déi zënter kuerzem hiert neit Doheem um Houwald an der Thionviller Strooss bezunn huet. D’ALUPSE DIALOGUE bekëmmert sech virun allem em den abus sexuel vu Jonken am Alter bis zu 21 Joer an d’ALUPSE BEBE bitt hier Servicer jonke Mammen un déi sech a prekäre Situatioune befannen. Net manner wei 100 Mammen d’Joer sichen sech hei Hëllef. D’ALUPSE ass e weidere Partner dee mir op eisem Ronnen Dësch wäerte Rendezvous ginn.

---

Wann dir iech all dës Projet'e virun Ae féiert, gesitt dir, dat mir um soziale Plang immens vill Effort'e maachen a versichen op d'Interessi'e vum eenzelen Bierger aus der Gemeng Hesper anzegoen. Integratioun ass e wichtegt Stéchwuert an dofir well ech op dëser Plaz allen Acteure Merci soen, déi sech op iergendeng Aart a Weis um soziale Plang engagéieren.

Merci och de Memberen aus der Sozial- an Integratiounskommissioun fir hiren Asaz an der flotter Zesummenaarbecht am Sënn vun engem gesonden „Vivre ensemble".

Merci och Iech, Här Buergermeeschter an dem ganze Schäfferot fir d'Ënnerstëtzung bei der Realisatioun vun all deene Projet'en a virun allem Merci datt d'Hesper Gemeng de Budget zur Verfügung stellt fir esou flott, innovativ a wichteg Projet'e fir e multikulturelle Publique kennen unzegoen.

Merci och deem ganze Gemengepersonal, wat ëmmer hëllefsbereet ass a versicht esou séier wei méiglech de Probleemer vun de Leit Rechnung ze droen.

Awer och Iech dobausse well ech e grousse Merci soen dat dir eis Aktivitéiten a Projet'e mat Begeeschterung unhuelt an domadder aktiv zu engem flotten Zesummeliewen an eiser Gemeng bäidrot. Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren!